



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 22/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kultur weiderzeleeden.

An Däitschland leeft am Moment eng Diskussioun iwwert d'Flicht, fir d'elektronesch Kommunikatioun vu Ministeren (z. B. ënnert der Form vun SMS oder E-Mailen) z'archivéieren, fir esou eng ëmfaassend Transparenz am Zesummenhang mat Regierungshandlungen ze garantéieren an d'parlamentaresch Kontroll ze vereinfachen. Dëst ass eng direkt Konsequenz vun der sougenannter « Berateraffäre » ronderëm déi fréier Verdeeegungsministesch an haiteg Kommissiounspräsidentin Ursula von der Leyen.

Zu Lëtzebuerg ass mam Gesetz vum 17. August 2018 en neit Archivgesetz a Kraaft getrueden, dat ënnert anerem reegelt, wat als Archiv a wat als öffentlecht Archiv consideréiert gëtt (Art. 2 points 1-2).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi behandelt d'lëtzebuergesch Regierung SMS'en an E-Maile vun an tëscht Regierungsmemberen am Kader vum Archimage?
2. Gëtt garantéiert, dat eng politesch onofhängeg Instanz iwwert d'Valeur vun de Kommunikatiounspreuven fir d'Archiven entscheet oder entscheiden d'Ministerë selwer, wat si an d'Archive ginn?
3. Wéi garantéiert d'Regierung, dat historesch Entscheidungen zu engem spéideren Zäitpunkt nach kennen novollzu ginn, wann dës Entscheidungen mat elektronische Kommunikatiounsmëttelen iwwermëttelt goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 janvier 2020

Objet : Question parlementaire n° 1754 du 22.01.2020 de Monsieur le Député Sven Clement -
Archivage des SMS et courriels des Ministres

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés